Service National de la Jeunesse

DU WEES NACH NET WAT S DU WËLLS GINN?
WÉI WIER ET MAT HËLLEFSBEREET AN ENGAGÉIERT?

MAACH E FRÄIWËLLEGENDÉNGSCHT!

Service Volontaire ?

- sech fräiwëlleg a vollzäit an enger sënnvoller Missioun engagéieren
- seng Kompetenzen a seng Zäit enger Organisatioun zur Verfügung stellen
- eegen Iddiën an en eegene Projet ëmsetzen
- Responsabilitéit fir säi Projet a säin Handelen iwwerhuelen
- sech nei Kompetenzen uneegenen
- sech senge Kompetenze bewosst ginn an se verstäerken
- sech selwer an engem bestëmmte Beräich « testen »
- seng Chancen um Aarbechtsmaart verbesseren

Service National de la Jeunesse

Service Volontaire ?

A wéi engen Domainer kann ee sech fräiwëlleg engagéieren?

- Natur, Ëmwelt, Mënsche mat Behënnerung, Konscht, Radio, Kanner, Jugendinfo, Sport, Déiereschutz, Drëtt Welt, Patrimoine historique, Obdachloser, Senioren, Réfugiés, Kultur, Jugendzenter, Tourismus, Fairtrade, humanitär Aktiounen, Mënscherechter, Fraerechter, Déierefleeg, Geschicht, Muséeën, Gedenkstätten, Bibliothéiken, Sozial Epicerien, …

Service National de la Jeunesse

Service Volontaire - SNJ

Roll vum SNJ:

- Kontroll vum Anhale vum Gesetz iwwer den SV
- Evaluatioun vun den Organisatiounen a vun de Missiounen
- Accordéiere vun den nationale Subventiounen
- Formatioun vun de Partner a vun de Fräiwëllegen
- Informatioun a Mediatioun

Service National de la Jeunesse

Service Volontaire - Gesetz

D'Gesetz vum 31. Oktober 2007

- Definitioun vun engem Fräiwëllegendéngscht fir Jonker
- Konditioune fir d'Organisatiounen
- Konditioune fir déi Jonk
- Statut vum Volontaire / Fräiwëllegen
- Kontroll
- Modalitéiten

Service National de la Jeunesse

Service Volontaire - Gesetz

Fir all d'Konditioune vum Gesetz z'erfëllen, muss de Fräiwëllegen:

- zu Lëtzebuerg wunnen (certificat de résidence)
- tëscht 16 an 30 Joer al sinn
- bereet sinn, fir eng fräiwëlleg Vollzäitaktivitéit (30 – 35 Stonnen an der Woch) auszeüben
- sech fir eng fräiwëlleg Laangzäitaktivitéit (3 – 12 Méint) engagéieren – ouni Ënnnerbriechung!
- sech iwwert d'Fiche-d'inscription beim SNJ umellen

Service National de la Jeunesse

Service Volontaire - Gesetz

*De gesetzleche Statut vum Volontaire ass **net** kompatibel mam Statut vum Salarié oder vum Schüler oder Student!*

Dat heescht, ënner anerem,et kann een net gläichzäiteg eng CEDIES-Bourse kréien AN och nach vun den Avantagen vun engem Service Volontaire profitéieren!

Service National de la Jeunesse

Service Volontaire - Jonken

De Fräiwëllege brauch:

- eng staark Motivatioun
- en « open mind »
- Basis-Sproochekenntnisser
- **KEEN** Diplom

Service National de la Jeunesse

Service Volontaire - Jonken

- gesetzlech geregelte Statut als Volontaire
- finanziell Ënnerstëtzung: Täschegeld, Iessensgeld, Aide financière vum Staat
- am Prinzip de Finanzement vun engem Logement (dëst ka variéieren, je nodeem, wéi een SV ee mécht)
- Versécherung (Pensiouns- a Gesondheetskees, Onfallversécherung)
- Recht op 2,5 Deeg Congé pro Mount (an der Regel)
- Obligatoresch Partizipatioun u Formatiounen an engem Ofschloss-Event

snj Service National de la Jeunesse

Service Volontaire - Jonken

- e professionnellen Encadrement an eng Aweisung an d'Tâchen
- eng pädagogesch Begleedung, fir seng Experienzen a seng Aquisen ze valoriséieren
- eng Uspriechpersoun am Fall vu Problemer
- Recht op eng « Attestation de l'engagement »

Service National de la Jeunesse

Service Volontaire - Partner

All Fräiwëllege brauch och Partnerorganisatiounen:

- eng unerkannten Entsendeorganisatioun vu Lëtzebuerg, déi ee fortschéckt, wann een an d'Ausland geet

- eng unerkannten Opnahmeorganisatioun,bei deeër ee säin SV ka maachen

Service National de la Jeunesse

SVN, wat heescht dat?

- **Service Volontaire National**

- Alterskonditiounen: 16 - < 30 Joer
- Durée: mindestens 3 Méint, maximal 12 Méint
- sech an enger gemengnëtzeger, biergerschaftlecher Missioun **zu Lëtzebuerg** engagéieren
- en aktive Bäitrag zum Geschéien zu Lëtzebuerg leeschten an d'lëtzebuerger Associatiounen a Veräiner kenneléieren

Service National de la Jeunesse

SVN, nächst Schrëtt

- sech beim SNJ mellen, fir weider Renseignementer ze kréien:

  Mme Raymonde Bauer
  tél. 00352 2478 6494
  raymonde.muller@snj.lu

- op www.volontaires.lu/svci kucken, ob et an der Rubrik SVCi/Missions keng intressant Offere gëtt

- sech bei enger oder bei méi Organisatioune mellen, wou ee sech ka virstellen e Fräiwëllegendéngscht ze maachen

Service National de la Jeunesse

SVGR, wat heescht dat?

- Alterskonditiounen: 18 – 25 Joer
- Durée: mindestens **6** Méint, maximal 12 Méint
- eng Auslandserfahrung **an der Groussregioun**
  (Wallonie, Rheinland-Pfalz, Région Grand Est, Saarland)
- en Engagement an enger biergerschaftlecher Missioun
- interkulturell Erfahrunge sammelen

Service National de la Jeunesse

SVGR, nächst Schrëtt

- Infos: www.volontaires.lu/sce

- sech beim SNJ mellen, fir weider Renseignementer ze kréien a fir sech iwwer fräi Missiounen z'informéieren:

M. Georges Zeimet
tél. 00352 2478 6482
georges.zeimet@snj.lu

Service National de la Jeunesse

SVE, wat heescht dat?

- **Service Volontaire Européen**
- finanzéiert vun der EU iwwer den ERASMUS+

- Alterskonditiounen: 17 – <31 Joer
- Dauer: 14 bis 59 Deeg oder 60 Deeg bis 12 Méint
- eng Auslandserfahrung **an engem EU-Land oder an engem EU-Nopeschland** maachen
- sech an enger gemengnëtzeger Missioun engagéieren
- interkulturell Erfahrunge sammelen

anefore Erasmus+ Jeunesse en action

SVE, Avantagen

- Reeskäschte gi subventionnéiert op Basis vun der Distanz
- eng Wunneng op der Plaz ass garantéiert - lokale Standard
- Sproochecoursen: online oder klassesch Coursen (hänkt vun der Sprooch of)
- eng Assurance, déi näischt kascht an déi praktesch all Risiken ofdeckt
- Formatiounen an Treffen virum SVE-Asaz, am Ufank, an der Mëtt an zum Schluss
- Recht op e YOUTHPASS, fir d'Dokumentéieren an d'Unerkenne vum Léierprozess

SVE, nächst Schrëtt

- sech bei enger Organistion **d'envoi** mellen, fir eng Missioun ze fannen:

  - **Zentrum & Osten**
    Centre Information Jeunes
    Madame Kechagia
    87, Route de Thionville, Luxembourg-Bonnevoie
    ☎ 26 29 32 19 oder 🖃 sve@cij.lu
  - **Süden**
    Point Information Jeunes
    Madame Kodische
    10, Rue du Commerce, Esch/Alzette
    ☎ 8002 15 25 oder 🖃 pij@esch.lu
  - **Norden**
    Nordstadjugend
    Madame Harpa Rùn Tordardottir
    7, Avenue de la Gare, Diekirch
    ☎ 80 91 65 oder 🖃 coordination@nordstadjugend.lu

anefore Erasmus+ Jeunesse en action

SVE, nächst Schrëtt

- Infos: www.volontaires.lu/sve
- All accreditéiert Organisatiounen: http://europa.eu/youth/volunteering/evs-organisation_fr
- Accreditéiert Organisatiounen, déi aktiv sichen: http://europa.eu/youth/volunteering/project_fr
- Kontaktpersoun beim SNJ, fir weider Renseignementer ze kréien:

M Georges Zeimet
tél. 00352 2478 6470
georges.zeimet@snj.lu

anefore Erasmus+ Jeunesse en action

SVC, wat heescht dat?



- **Service Volontaire de Coopération**
- Alterskonditiounen: 18 – <30 Joer
- Minimal Dauer **6** Méint
- eng Auslandserfahrung **an engem Entwécklungsland**
- en Engagement an enger Missioun an der Cooperatioun
- interkulturell Erfahrunge sammelen

Service National de la Jeunesse

SVC, nächst Schrëtt

- sech beim SNJ mellen, fir weider Renseignementer ze kréien:

  Mme Raymonde Bauer
  tél. 00352 2478 6494
  raymonde.muller@snj.lu

- Infos: www.volontaires.lu/svc

- sech beim Cercle des ONG mellen, fir weider spezifesch Renseignementer zu de Cooperatiounsmissiounen:

  Cercle de coopération des ONG de Développement de Luxembourg
  M. Fabien Ledecq
  1-7 rue St Ulric L-2651 Luxembourg (Grund)
  ☎ 26 02 09 11 oder 🖃 fabien.ledecq@cercle.lu
  www.cercle.lu

Service National de la Jeunesse

SV, wéi laang am Viraus?

Wéi laang am Viraus muss een ufänke mat der Sich no enger Missioun, resp. enger Organisatioun?

Wéi laang muss een sech am Viraus preparéieren?

- SVN: mindestens 3 Méint virum Datum, wou ee wëll ufänken
- SVE & SCEGR: mindestens 6 Méint virum Datum, wou ee wëll ufänken
- SVC: mindestens 6-8 Méint virum Datum, wou ee wëll ufänken

Erasmus+
Jeunesse en action

Wat **muss** ech maachen éiert ët ka lassgoen?

- un enger Info-Session deelhuelen
- sech beim SNJ aschreiwen als Kandidat fir e Fräiwëllegendéngscht.
  spezifesche Formulaire op www.volontaires.lu
- un enger Formatioun **«Ech?! – Fräiwëlleg?!»** deelhuelen SVC, SVE & SCEGR – dës gëtt 6 x am Joer ugebueden an dauert 1,5 Dag (WE) – Umeldung iwwer: www.volontaires.lu
- un enger Formatioun avant-départ deelhuelen SVC, SVE & SCEGR

Service National de la Jeunesse

Wat **kann** ech maache bis et endlech lassgeet?

Ateliers pratiques

Kontakt:
Mme Isabelle Mariutto
isabelle.mariutto@snj.lu
GSM: 621 377 006

https://www.facebook.com/creActifsSNJ/?fref=ts

Service National de la Jeunesse

European Solidarity Corps

Workcamps
Chantiers internationaux

POUR INFORMATION

- Chantiers internationaux bidden d'Méiglechkeet, fir fir 2-3 Wochen bénévole, zesumme mat anere Jonken, un engem Projet am Ausland matzeschaffen
- de Participant bezillt an der Regel seng Reeskäschten an e klenge Bäitrag un den Käschten, fir Iessen an Iwwernuechten
- esou e Chantier ass an der Regel **KEE** Fräiwëllegendéngscht no de Critäre vum Gesetz iwwer Fräiwëllegendéngschter
- Informatiounen iwwer Chantieren kritt ee beim Centre Information Jeunes (www.cij.lu) oder bei der Amitié Portugal-Luxembourg (www.amitie.lu)

compagnons BÂTISSEURS

PAX SCI SERVICE CIVIL INTERNATIONAL

VVT – eng aner Auslandserfahrung

- Visa vacances travail (VVT) – working holiday visa (WHV)
- fir Jonker mat engem lëtzebuerger Pass a mat mindestens zwee Joer Uni
- bis zu engem Joer reesen a geleeëntlech schaffen an
  - Australien
  - Neuseeland (ab dem 09.05.2017)
- **all** Infos: www.workandtravel.lu